B1

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

# *Zousazmaterial*

# Kapitel 4

*Kräizt déi Aussoen un, mat deenen Dir averstane sidd.*
*Diskutéiert duerno am Grupp.*

- ☐ Et ass wichteg, d'Privat- an d'Beruffsliewe strikt ze trennen.
- ☐ Et ass wichteg, sech gutt mat den Aarbechtskolleegen ze verstoen.
- ☐ Et ass wichteg, och ausserhalb vun der Aarbecht Frënn ze hunn.
- ☐ Et ass schwiereg, wann aus Aarbechtskolleege Frënn ginn.
- ☐ Et ass ni gutt, wann ee sech op der Aarbecht verléift.
- ☐ Et ass wichteg, datt een och en Deel vu senger Fräizäit mat den Aarbechtskolleege verbréngt.
- ☐ Et ass schwiereg, wann de Partner am selwechte Betrib schafft.
- ☐ Et ass net gutt, wann de Chef op der Aarbecht e gudde Kolleeg am Privatliewen ass.



# Kapitel 4

## Säit 69, Übung 3

*D'Schüler sollen a klenge Gruppen d'Sazdeeler esou kombinéieren, datt et grammatesch korrekt ass an e Sënn ergëtt. Et ginn awer natierlech vill verschidde Kombinatounsméiglechkeeten.*

| | |
|---|---|
| Mir hu keng Zäit, | an de Kino ze goen. |
| De Pit huet ugefaangen, | Spuenesch ze léieren. |
| Et ass eis Aufgab, | e Rapport ze schreiwen. |
| Et ass wichteg, | Vokabelen ze léieren. |
| Ech hu vergiess, | Mëllech ze kafen. |
| Et mécht kee Spaass, | an der Vakanz ze schaffen. |
| Ech fannen et flott, | um Land ze wunnen. |
| Mir hu Loscht, | Vëlo ze fueren. |
| Et ass interessant, | nei Kulture kennen ze léieren. |

| | |
|---|---|
| Ech hu versicht, | alles richteg ze maachen. |
| D’Laura huet Angscht, | eppes falsch ze maachen. |
| Ech hu gehofft, | dech hei ze gesinn. |
| Et ass léif, | senge Matmënschen ze hëllefen. |
| Et ass flott, | an engem Chouer ze sangen. |
| Et ass verbueden, | duerch Rout ze fueren. |
| Mir kënne muer | an de Kino goen. |
| Ech wëll | Spuenesch léieren. |
| Mir musse(n) | e Rapport schreiwen. |
| Du solls | Vokabele léieren. |
| Ech gi(nn) | Mëllech kafen. |

| | |
|---|---|
| Ech hunn dech gesi(nn) | Vëlo fueren. |
| Ech héiere(n) | de Chouer sangen. |
| Ech géing gär | um Land wunnen. |
| Et däerf een net | duerch Rout fueren. |
| Et soll ee(n) | senge Matmënschen hëllefen. |

# Kapitel 4 Säit 69, Übung 3

*Completéiert d'Sätz, wann néideg, mat* ze.

1. Mir ginn all Owend duerch d'Duerf _____ spadséieren.
2. Mir hoffen, den Examen am Hierscht _____ packen.
3. Kënnt Dir mir Äre Bic _____ léinen?
4. Ech freeë mech, endlech nees an de Kino _____ goen.
5. Mäi Jong léisst sech en Tattoo op den Aarm _____ maachen.
6. Wëlls du dir och en Tattoo _____ maache(n) _____ loossen?
7. Mir hunn den Abriecher net gesi(nn) _____ fortlafen.
8. Muer ass Feierdag a mir brauchen net _____ schaffen.
9. Ech hu meng Schüler net héiere Lëtzebuergesch _____ schwätzen.
10. Firwat musst Dir net do _____ ënnerschreiwen?

*Completéiert d'Sätz mat:* fir … ze …, ouni … ze …, amplaz … ze …

1. De Kandidat ass erausgaangen, _____ e Wuert _____ soen.
2. _____ d'Tëlee _____ kucken, solls du e Buch liesen.
3. _____ Äert Lëtzebuergesch _____ verbesseren, musst Dir an e Cours goen.
4. Mäi Frënd ass mech besiche komm, _____ mir virdru Bescheed _____ soen.
5. _____ eng besser Zäit _____ lafen, muss du méi dacks trainéieren.
6. D'Madamm huet alles beim Traiteur bestallt, _____ selwer _____ kachen.
7. Mäin Aarbechtskolleeg huet gekënnegt, _____ e Grond _____ nennen.
8. _____ moies fréi op_____stoen, kann ech elo an der Pensioun laang leie bleiwen.
9. Du kanns net bei den Dokter goen, _____ e Rendez-vous _____ huelen.
10. Vill Leit léiere Lëtzebuergesch, _____ besser Chancen um Aarbechtsmaart _____ hunn.

*Op dëse Käertercher stinn déi selwecht Aussoe wéi am Buch an der Übung 5. Éier d'Schüler e ganzen, chronologeschen Text mat dësen Aussoe schreiwen, sollen si se hei fir d'éischt mëndlech trainéieren. Am Grupp zitt een nom aneren eng Käertchen a completéiert se mat enger perséinlecher Ausso.*

An … hunn ech als … geschafft

Ech hu ganz spéit …

Ech hu ganz fréi …

Mäi Wee war e bësse komplizéiert, well …

Bei mir ass alles normal gelaf …

Ech hunn an … eng Ausbildung als … gemaach

Mäin Ofschloss gëtt hei net unerkannt, dofir …

Mäin Dram ass et, …

Mäin Zil ass et, …

Ech hoffen, …

Wéi ech mäin éischt Kand kritt hunn, …

*1. Wat ass de Contraire vun dësen Adjektiver? Notéiert.*

| | |
|---|---|
| léif | |
| manéierlech | |
| hëllefsbereet | |
| romantesch | |
| intelligent | |
| trei | |
| lëschteg | |
| éierlech | |
| generéis | |
| interessant | |
| kontaktfreedeg | |
| gedëlleg | |

*2. Kuckt dës Adjektiver an déi op der Säit 71 (Übung 2) am Buch nach eng Kéier. Wat fir Adjektiver passe bei Iech? Markéiert se.*

*3. Bei wie passen dës Adjektiver? Kuckt de Modell a schwätzt mat de Leit an der Klass. Fannt fir all Adjektiv op d'mannst eng Persoun.*

| Charaktereegenschaft | Numm |
|---|---|
| schei | |
| pünktlech | |
| virwëtzeg | |
| hëllefsbereet | |
| éiergäizeg | |
| technesch begaabt | |
| ongedëlleg | |
| teamfäeg | |

A: Bass du schei?

B: Nee, ech sinn net schei. Ech schwätze gär mat de Leit an ech hunn och kee Problem domat, wann ech d'Leit net kennen. Bass **du** schei?

A: Jo, ech sinn zimmlech schei. Ech fille mech net wuel, wa vill Leit do sinn, déi ech net kennen.

## 1. Completéiert d'Adjektivendungen am Text.

De Claude Biwer ass e bekannt___ Lëtzebuerger Kach.

Wéi hien 13 Joer al war, huet hie seng éischt___ Erfarungen an enger professionell____ Kiche gesammelt. De Weekend an an de Schoulvakanzen huet hien am kleng____ Familljerestaurant gehollef. No senger interessant____ Léier huet hie sech op de Wee an déi grouss___ wäit____ Welt gemaach.

Hien huet a Frankräich, an Däitschland, an England an an der Belsch a bekannt____ Stärerestaurante geschafft.

Elo wunnt a schafft hien zu Hong Kong an do huet hien e flott___, mee och stresseg____ Liewen. Hie schafft mat international____ Käch zesummen an enger grouss___ Kiche vun engem international___ Hotel.

Hie wunnt ganz zentral mat dräi aner____ Persounen zesummen an enger flott___ Wunngemeinschaft an engem modern____ Appartementshaus. Do gëtt et souguer eng kleng____ Schwämm an e grouss____ Fitnessstudio.

Eppes, wat dem Claude net esou gutt zu Hong Kong gefält, ass dass d'Leit sech net sou vill Zäit am Restaurant huelen. Dat hektesch____ Liewe léisst de Leit net vill Zäit, fir laang um gedeckt______ Dësch ze sëtzen.

Eng kleng Hëllef:

Kach (M), Erfarungen (PL), Kichen (F), Familljerestaurant (M), Léier (F), Welt (F), Stärerestauranten (PL), Liewen (N), Käch (PL), Hotel (M), Persounen (PL), Wunngemeinschaft (F), Appartementshaus (N), Schwämm (F), Fitnessstudio (M), Dësch (M)

## 2. Completéiert d'Sätz mat engem Adjektiv.

De Claude schafft an engem *grousse / klenge / bekannte* Restaurant.

Hien erzielt heiansdo vu senger _________________ Aarbecht.

Hien huet heiansdo ganz _______________ Schaffdeeg.

Dat ________________ Liewe mécht hie midd.

De Claude huet vill ___________________ Kolleegen.

Mat senge(n) __________________ Frënn geet hien heiansdo an e ______________ Restaurant.

Déi _____________ Kiche schmaacht him gutt.

De Claude huet eng ________________ Wunneng mat enger _____________ Kichen, engem ___________ Living an enger ___________ Terrass. Hie wunnt net eleng do, mee deelt d'Wunneng mat dräi ___________ Kolleegen.

*Wiesselspill*

# Kopie A

*Wie sinn dës Persounen? Är Informatioune sinn net komplett. Kuckt d'Beispill a schwätzt zu zwee. Formuléiert Är Äntwert ëmmer mat engem Relativsaz.*








*Beispill:*

A: Wien ass d'Madamm Winandy?

B: D'Madamm Winandy ass eng Sekretärin, **déi** an enger Ambassade schafft.

B: Wien ass d'Madamm Müller?

A: D'Madamm Müller huet eng grouss Metzlerei, **an där** 50 Leit schaffen.

| | | | |
|---|---|---|---|
| Madamm Winandy  | Madamm Müller  | Här Feyder  | Här Konradi  |
| | Si huet eng grouss Metzlerei. An der Metzlerei schaffe 50 Leit. | | |
| | | | |
| Madamm Weber  | Här Decker  | Här Schmit  | Här Flammang  |
| Si ass eng bekannt Pilotin. Si huet scho vill Präisser gewonnen. | | Hien ass Pensionär. Hie geet ëmmer eleng spadséieren. | |
| | | | |
| Madamm Kayser  | Här Kieffer  | Här Kirsch  | Madamm Thill  |
| Si ass Kënschtlerin. Si entwërft Bijouen. | Hien ass Kach. Hien ass ni zefridden. | | Si ass Musekerin. Mat hir kann ee just iwwer Musek schwätzen. |

***Wiesselspill***

# Kopie B

*Wie sinn dës Persounen? Är Informatioune sinn net komplett. Kuckt d'Beispill a schwätzt zu zwee. Formuléiert Är Äntwert ëmmer mat engem Relativsaz.*







*Beispill:*

A: Wien ass d'Madamm Winandy?

B: D'Madamm Winandy ass eng Sekretärin, **déi** an enger Ambassade schafft.

B: Wien ass d'Madamm Müller?

A: D'Madamm Müller huet eng grouss Metzlerei, **an där** 50 Leit schaffen.

| Madamm Winandy | Madamm Müller | Här Feyder | Här Konradi |
|---|---|---|---|
|  |  |  |  |
| Si ass Sekretärin. Si schafft an enger Ambassade. | | Hien ass Basketspiller. Mat him kann ee just iwwer Sport schwätzen. | Hien ass e Lidderhanes. Hie kënnt ëmmer ze spéit op d'Aarbecht. |
| | | | |
| Madamm Weber | Här Decker | Här Schmit | Här Flammang |
|  |  |  |  |
| | Hien ass e Student. Hie studéiert elo schonn 12 Semesteren. | | Hien ass e Geschäftsmann aus der Stad. Hien ass vill am Ausland. |
| | | | |
| Madamm Kayser | Här Kieffer | Här Kirsch | Madamm Thill |
|  |  |  |  |
| | | Hien huet eng Bäckerei. A senger Bäckerei gi just Bio-Produite verkaaft. | |

*D'Léierpersoun preparéiert d'Käertercher a completéiert se mat den Nimm vun de Schüler an der Klass. Dann zitt d'Léierpersoun eng Käertche mat enger direkter Fro a seet oder weist engem Schüler se, ouni dass déi aner Schüler d'Fro héieren oder gesinn. De Schüler stellt d'Fro op indirekt Manéier un d'Klass (z. B.: De Proff wëllt wëssen, ...; de Proff freet mech, ... asw.). De concernéierte Schüler aus der Klass äntwert op d'Fro.*

*Zum Beispill:*

De Proff freet de Schüler (lues): Wou schafft de Marc / d'_________?

De Schüler: De Proff wëll wëssen, wou de Marc schafft.

De Marc: Ech schaffen an engem Coiffersalon.

| |
|---|
| Wat ass de(n)/d' ____________ vu Beruff? |
| Wéini huet de(n)/d' ____________ säin nächste Congé? |
| Wéi laang schafft de(n)/d' ____________ schonn a sengem Betrib? |
| Wéi vill Sprooche schwätzt de(n)/d' ____________? |
| Wat ass dem ____________ säin Dramjob? |
| Wat huet de(n)/d' ____________ studéiert? |
| Ass de(n)/d' ____________ zefridde mat senger Aarbecht? |
| Schafft de(n)/d' ____________ léiwer vun doheem aus oder um Büro? |
| Wat fir Qualitéiten huet de(n)/d' ____________? |
| Huet de(n)/d' ____________ säi Beruff schonn dacks gewiesselt? |
| Wat ënnerhëlt de(n)/d' ____________ mat sengen Aarbechtskolleegen? |
| Wat gefält dem____________ immens gutt op senger Aarbecht? |

*Completéiert mat engem Superlativ.*

1. Bei menger Firma verdéngt een am (vill) ____________________.
2. De Chômage ass am Wanter am (héich) _______________________.
3. Ech schaffen am (gär) _____________________ vun doheem aus.
4. De Pol schafft schonn am (laang) ____________________ bei eis.
5. Dem Anna seng Chancen, fir d'Plaz ze kréien, sinn am (grouss) ____________.
6. Bei dësem Job riskéiert Dir am (wéineg) ________________________.
7. Deen neien Aarbechtskolleeg gouf am (schaarf) ____________________ kritiséiert.
8. Wie vun eise Mataarbechter huet dann am (gutt) ________________ geschafft?

*Completéiert mat engem Superlativ als Adjektiv.*

1. All Joer kréien déi (gutt) _________ Mataarbechter eng Primm.
2. Déi (vill) _______________ Frontaliere kommen aus Frankräich.
3. Eisen (al) ___________ Mataarbechter huet 67 Joer.
4. Déi (staark) ________________ Konkurrenz kënnt aus Europa.
5. Meng (jonk) ____________ Kolleegin schafft eréischt zënter zwee Méint hei.
6. De Jos ass de Mataarbechter mat der (laang) ________________ Erfarung.
7. Mir hate Chance, mir konnten aus deene (gutt) ________________ Kandidaten een erauswielen.
8. Dat war eent vun de (kuerz)________________ Virstellungsgespréicher, dat ech jee hat.

# Kapitel 4 Säit 77, Übung 5

*1. Wéi sinn d'Spréchwierder richteg? Kombinéiert.*

| | | | |
|---|---|---|---|
| 1 | Wou gehuwwelt gëtt, | | dat huet een an de Been. |
| 2 | Deen näischt mécht, | | esou schaalt et zeréck. |
| 3 | Huet een näischt ze verléieren, | | wéi se gekacht gëtt. |
| 4 | Wien héich klëmmt, | | da kann een alles riskéieren. |
| 5 | Wéi een an de Bësch rifft, | | fält héich erof. |
| 6 | Wann d'Kaz fort ass, | 1 | do fale Spéin. |
| 7 | Wat een net am Kapp huet, | | deen näischt brécht. |
| 8 | D'Zopp gëtt net esou waarm giess, | | sinn d'Mais Meeschter. |

Léisung :

1. Wou gehuwwelt gëtt, do fale Spéin. (Wou eppes gemaach gëtt, kann et och mol negativ Konsequenze ginn.)
2. Wien näischt mécht, deen näischt brécht. (Wann een näischt mécht, kann een och näischt falsch maachen.)
3. Huet een näischt ze verléieren, da kann een alles riskéieren. (Wann een näischt ze verléieren huet, ass et egal, wat ee riskéiert.)
4. Wien héich klëmmt, fält héich erof. (Wann ee vill riskéiert, kann ee vill verléieren.)
5. Wéi een an de Bësch rifft, esou schaalt et zeréck. (Et kritt een ëmmer dat zeréck, wat ee gëtt.)
6. Wann d'Kaz fort ass, sinn d'Mais Meeschter. (Wann de Chef net do ass, mécht jiddereen, wat e wëllt.)
7. Wat een net am Kapp huet, dat huet een an de Been. (Wann een eppes vergiess huet, da muss een nees zeréckgoen, fir et sichen ze goen.)
8. D'Zopp gëtt net esou waarm giess, wéi se gekacht gëtt. (Et ass net ëmmer alles esou schlëmm, wéi een am Ufank mengt.)

*2. Wielt ee Spréchwuert aus. A wat fir enger Situatioun benotzt Dir dat?*

B1

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

# Léisungen

## *Zousazmaterial*

## Kapitel 4

*Completéiert d'Sätz, wann néideg, mat* ze.

1. Mir ginn all Owend duerch d'Duerf spadséieren.
2. Mir hoffen, den Examen am Hierscht **ze** packen.
3. Kënnt Dir mir Äre Bic léinen?
4. Ech freeë mech, endlech nees an de Kino **ze** goen.
5. Mäi Jong léisst sech en Tattoo op den Aarm maachen.
6. Wëlls du dir och en Tattoo maache loossen?
7. Mir hunn den Abriecher net gesi fortlafen.
8. Muer ass Feierdag a mir brauchen net **ze** schaffen.
9. Ech hu meng Schüler net héiere Lëtzebuergesch schwätzen.
10. Firwat musst Dir net do ënnerschreiwen?

*Completéiert d'Sätz mat:* fir … ze …, ouni … ze …, amplaz … ze …

1. De Kandidat ass erausgaangen, **ouni** e Wuert **ze** soen.
2. **Amplaz** d'Tëlee **ze** kucken, solls du e Buch liesen.
3. **Fir** Äert Lëtzebuergesch **ze** verbesseren, musst Dir an e Cours goen.
4. Mäi Frënd ass mech besiche komm, **ouni** mir virdru Bescheed **ze** soen.
5. **Fir** eng besser Zäit **ze** lafen, muss du méi dacks trainéieren.
6. D'Madamm huet alles beim Traiteur bestallt, **amplaz** selwer **ze** kachen.
7. Mäin Aarbechtskolleeg huet gekënnegt, **ouni** e Grond **ze** nennen.
8. **Amplaz** moies fréi op**ze**stoen, kann ech elo an der Pensioun laang leie bleiwen.
9. Du kanns net bei den Dokter goen, **ouni** e Rendez-vous **ze** huelen.
10. Vill Leit léiere Lëtzebuergesch, **fir** besser Chancen um Aarbechtsmaart **ze** hunn.

*1. Wat ass de Contraire vun dësen Adjektiver? Notéiert.*

| | |
|---|---|
| léif | **béis** |
| manéierlech | **onmanéierlech** |
| hëllefsbereet | **egoistesch** |
| romantesch | **onromantesch** |
| intelligent | **domm** |
| trei | **ontrei** |
| lëschteg | **seriö** |
| éierlech | **onéierlech** |
| generéis | **knéckeg** |
| interessant | **langweileg/oninteressant** |
| kontaktfreedeg | **schei** |
| gedëlleg | **ongedëlleg** |

# Kapitel 4 Säit 72, Übung 6

## 1. *Completéiert d'Adjektivendungen am Text.*

De Claude Biwer ass e bekannt**e** Lëtzebuerger Kach.

Wéi hien 13 Joer al war, huet hie seng éischt Erfarungen an enger professionell**er** Kiche gesammelt. De Weekend an an de Schoulvakanzen huet hien am kldeng**e** Familljerestaurant gehollef. No senger interessant**er** Léier huet hie sech op de Wee an déi grouss, wäit Welt gemaach.

Hien huet a Frankräich, an Däitschland, an England an an der Belsch a bekannt**e** Stärerestaurante geschafft.

Elo wunnt a schafft hien zu Hong Kong an do huet hien e flott, mee och stresseg**t** Liewen. Hie schafft mat international**e** Käch zesummen an enger grouss**er** Kiche vun engem international**en** Hotel.

Hie wunnt ganz zentral mat dräi aner**e** Persounen zesummen an enger flott**er** Wunngemeinschaft an engem modern**en** Appartementshaus. Do gëtt et souguer eng kleng Schwämm an e grouss**e** Fitnessstudio.

Eppes, wat dem Claude net esou gutt zu Hong Kong gefält, ass, datt d'Leit sech net sou vill Zäit am Restaurant huelen. Dat hektesch**t** Liewe léisst de Leit net vill Zäit, fir laang um gedeckt**en** Dësch ze sëtzen.

## 2. *Completéiert d'Sätz mat engem Adjektiv.*

*Zum Beispill:*

De Claude schafft an engem grouss**e** / kleng**e** / bekannt**e** Restaurant.

Hien erzielt heiansdo vu senger stresseg**er** Aarbecht.

Hien huet heiansdo ganz laang Schaffdeeg.

Dat hektesch**t** Liewe mécht hie midd.

De Claude huet vill international Kolleegen.

Mat senge gu**dde** Frënn geet hien heiansdo an en traditionell**e** Restaurant.

Déi asiatesch Kiche schmaacht him gutt.

De Claude huet eng schéi Wunneng mat enger grouss**er** Kichen, engem flott**e** Living an enger kleng**er** Terrass. Hie wunnt net eleng do, mee deelt d'Wunneng mat dräi aner**e** Kolleegen.

***Wiesselspill***

# Kopie A

*Wie sinn dës Persounen? Är Informatioune sinn net komplett. Kuckt d'Beispill a schwätzt zu zwee. Formuléiert Är Äntwert ëmmer mat engem Relativsaz.*






*Beispill:*

A: Wien ass d'Madamm Winandy?

B: D'Madamm Winandy ass eng Sekretärin, **déi** an enger Ambassade schafft.

B: Wien ass d'Madamm Müller?

A: D'Madamm Müller huet eng grouss Metzlerei, **an där** 50 Leit schaffen.

| | | | |
|---|---|---|---|
| Madamm Winandy<br> | Madamm Müller<br> | Här Feyder<br> | Här Konradi<br> |
| | D'Madamm Müller huet eng grouss Metzlerei, **an där** 50 Leit schaffen. | | |
| | | | |
| Madamm Weber<br> | Här Decker<br> | Här Schmit<br> | Här Flammang<br> |
| D'Madamm Weber ass eng bekannt Pilotin, **déi** scho vill Präisser gewonnen huet. | | Den Här Schmit ass e Pensionär, **deen** ëmmer eleng spadséiere geet. | |
| | | | |
| Madamm Kayser<br> | Här Kieffer<br> | Här Kirsch<br> | Madamm Thill<br> |
| D'Madamm Kayser ass eng Kënschtlerin, **déi** Bijouen entwërft. | Den Här Kieffer ass e Kach, **deen** ni zefridden ass. | | D'Madamm Thill ass eng Musekerin, **mat där** ee just iwwer Musek schwätze kann. |

***Wiesselspill***

# Kopie B

*Wie sinn dës Persounen? Är Informatioune sinn net komplett. Kuckt d'Beispill a schwätzt zu zwee. Formuléiert Är Äntwert ëmmer mat engem Relativsaz.*





*Beispill:*

A: Wien ass d'Madamm Winandy?

B: D'Madamm Winandy ass eng Sekretärin, **déi** an enger Ambassade schafft.

B: Wien ass d'Madamm Müller?

A: D'Madamm Müller huet eng grouss Metzlerei, **an där** 50 Leit schaffen.

| | | | |
|---|---|---|---|
| Madamm Winandy<br> | Madamm Müller<br> | Här Feyder<br> | Här Konradi<br> |
| D'Madamm Winandy ass eng Sekretärin, **déi** an enger Ambassade schafft. | | Den Här Feyder ass e Basketspiller, **mat deem** ee just iwwer Sport schwätze kann. | Den Här Konradi ass e Lidderhanes, **deen** ëmmer ze spéit op d'Aarbecht kënnt. |
| | | | |
| Madamm Weber<br> | Här Decker<br> | Här Schmit<br> | Här Flammang<br> |
| | Den Här Decker ass e Student, **deen** elo schonn 12 Semestere studéiert. | | Den Här Flammang ass e Geschäftsmann aus der Stad, **dee** vill am Ausland ass. |
| | | | |
| Madamm Kayser<br> | Här Kieffer<br> | Här Kirsch<br> | Madamm Thill<br> |
| | | Den Här Kirsch huet eng Bäckerei, **an där** just Bio-Produite verkaaft ginn. | |

# Kapitel 4 Säit 76, Übung 18

*Completéiert mat engem Superlativ.*

1. Bei menger Firma verdéngt een am **meeschten**.
2. De Chômage ass am Wanter am **héchsten**.
3. Ech schaffen am **léifste** vun doheem aus.
4. De Pol schafft schonn am **längste** bei eis.
5. Dem Anna seng Chancen, fir d'Plaz ze kréien, sinn am **gréissten**.
6. Bei dësem Job riskéiert Dir am **mannsten**.
7. Deen neien Aarbechtskolleeg gouf am **schäerfste** kritiséiert.
8. Wie vun eise Mataarbechter huet dann am **beschte** geschafft?

*Completéiert mat engem Superlativ als Adjektiv.*

1. All Joer kréien déi **bescht** Mataarbechter eng Primm.
2. Déi **meescht** Frontaliere kommen aus Frankräich.
3. Eisen **eelste** Mataarbechter huet 67 Joer.
4. Déi **stäerkst** Konkurrenz kënnt aus Europa.
5. Meng **jéngst** Kolleegin schafft eréischt zënter zwee Méint hei.
6. De Jos ass de Mataarbechter mat der **längster** Erfarung.
7. Mir hate Chance, mir konnten aus deene **beschte** Kandidaten een erauswielen.
8. Dat war eent vun de **kierzte** Virstellungsgespréicher, dat ech jee hat.